N°538
Entrée le 29.04.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Famille, des Solidarités,
du Vivre ensemble et de l'Accueil

**Äntwert vum Här Minister fir Famill, Solidaritéit, Zesummeliewen an Accueil, Max Hahn, op d'parlamentaresch Fro n° 538 vum honorabelen Deputéierten Marc Goergen iwwert d'Familljen déi vun der Précaritéit betraff sinn.**

**Fro 1)**

Wat d'Ënnerbréngung vu Familljen betrëfft déi hier Wunneng verloosse mussen sinn an éischter Linn d'Gemenge gefuerdert.

Donieft kënne betraffe Familljen sech awer och un den zoustännegen Office social wenden deem seng Missiounen am Artikel 7 vum Gesetz vum 18. Dezember 2009 iwwert d'Aide sociale definéiert sinn. Den Office social kann dann op verschidden Aart a Weisen hëllefen, woubäi ëmmer déi individuell Situatioun berücksichtegt gëtt, zum Beispill:

- duerch eng materiell oder finanziell Ënnerstëtzung,
- duerch Berodung, esouwéi duerch eng Begleedung bei administrativen Demarchen a bei der Ufro vu sozialen Hëllefen,
- duerch eng Orientéierung bei spezialiséiert Servicer am Fall wou spezifesch Vulnerabilitéiten oder Besoine bestinn,
- andeems en, falls néideg an an der Limitt vun de legale Konditiounen, eng Referenzadress ufreet a sécherstellt dass d'Famill hir sozial Rechter behält,
- andeems e probéiert sech em eng kuerzfristeg a kuerzzäiteg Noutënnerbréngung ze këmmere falls d'Famill selwer keng Méiglechkeet fënnt fir ënnerdaach ze kommen.

Net all Office social verfüügt iwwert en eegene Parc u Wunnengen, esou dass d'Handlungsméiglechkeete fir eng Noutënnerbréngung ënnerschiddlech sinn. An der Reegel gëtt et dofir eng enk Zesummenaarbecht mat de Gemengen an Associatiounen aus dem Wunnberäich. Wann trotz allen Efforten net mat Zäiten eng passend Léisung fonnt gëtt, besteet d'Méiglechkeet vun enger temporärer Ënnerbréngung an engem Hotel oder enger Jugendherberg .

Den Office social ka just op Demande vun der concernéierter Famill selwer aktiv ginn. Allgemeng gëllt datt Familljen déi riskéieren hier Wunneng ze verléieren esou fréi wéi méiglech Hëllef froe solle fir preventiv Moossnamen anzeleeden a Léisunge fir den Eeschtfall ze präparéieren. Nieft dem Office social kënnen hei och verschidden ëffentlech a konventionnéiert Ulafplazen hëllefen déi spezifesch fir d'Begleedung vu Kanner a Familljen an Noutsituatiounen zoustänneg sinn, an déi gréisstendeels dem Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend ënnerstinn.

De Familljeministère konventionéiert ausserdeem verschidden Associatiounen déi Wunnengen a Wunnengsstrukture geréieren an déi iwwert ënnerschiddlech laang Zäiträim fir Familljen an Nout Wunnengen zur Verfügung stellen. Esou kënne si zum Beispill eng Perspektiv bidde fir Familljen déi vun engem Wunnengsverloscht bedrot oder betraff sinn, an dësen Familljen hëllefen hir Selbststännegkeet ze erhale falls e Retour op de private Wunnengsmaart net direkt méiglech ass. Aner Ministèren ënnerstëtzen änlech Initiativen, zum Beispill am Kader vun der *gestion locative sociale*.

**Fro 2)**

Persounen, deenen hir Demande fir internationale Schutz unerkannt gëtt, sougenannt „Bénéficiaires de protection internationale (BPI)“, hunn de selwechten Usproch op Ënnerstëtzung ewéi all anere Resident am Land.

Lëtzebuerg, den 29.04.2024

Den Minister fir Famill,

Solidaritéit, Zesummeliewen

an Accueil

(s.) Max Hahn